CSV
FRAKTIOUN

Här Fernand Etgen
President vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 21. Januar 2020

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
21 JAN. 2020
1748

Här President,

Esou ewéi den Artikel 83 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Gesondheetsminister weider ze leeden.

Laut enger TNS Illres Ëmfro am Optrag vun der zoustänneger Kontrollkommissioun, wëssen 10 Joer nodeems d'Euthanasiegesetz zu Lëtzebuerg a Kraaft getrueden ass, nëmme 4 vun 10 Leit datt et esou e Gesetz gëtt. 85% vun de befrote Leit wieren awer fir esou e Gesetz.

An dësem Kontext géife mir gäre folgend Froen un d'Regierung stellen:

- Wéi ginn d'Patienten haut iwwer d'Méiglechkeet vun enger aktiver Stierfhëllef zu Lëtzebuerg informéiert?
- Ass d'Regierung der Meenung datt d'Leit genuch informéiert sinn?
- Wann net, wat gedenkt d'Regierung ze ënnerhuele fir d'Leit besser ze informéieren?
- Laut Aussoen an engem Reportage bei RTL hu concernéiert Patiente Schwieregkeeten datt hire Wonsch no aktiver Stierfhëllef respektéiert gëtt, esouwuel am Spidol, an Infrastrukture fir eeler Leit oder och nach bei de Leit doheem. Kann de Minister dat confirméieren? Wa t sinn d'Ursaachen?

Här President, mir bieden Iech eis déifste Respekt unzehuelen.

Nancy Arendt épouse Kemp
Deputéiert

Françoise Hetto-Gaasch
Deputéiert

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

Dossier suivi par: JOME Laurent
Tel: 247 85510
Email: laurent.jome@ms.etat.lu

Monsieur le Ministre
aux Relations avec le Parlement
Service central de Législation
5, rue Plaetis
L-2338 Luxembourg

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
17 FEV. 2020

Luxembourg, le 14 février 2020

**Réf. :** 830x8bc52

**Concerne**: Question parlementaire n° 1748 du 21 janvier 2020 de Mesdames les Députées Nancy Arendt et Françoise Hetto-Gaasch

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire parvenir en annexe la réponse de la soussignée à la question parlementaire n° 1748 du 21 janvier 2020 de Mesdames les Députées Nancy Arendt et Françoise Hetto-Gaasch concernant « information sur l'euthanasie ».

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'assurance de ma considération distinguée.

Paulette LENERT
Ministre de la Santé

Villa Louvigny
Allée Marconi
L-2120 Luxembourg

Tél.: (352) 478-1
Fax: (352) 46 79 63

Adresse postale
L-2935 Luxembourg

e-mail:
ministere-sante@ms.etat.lu

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

**Réponse de Madame la Ministre de la Santé à la question parlementaire n° 1748 du 21 janvier 2020 de Mesdames les Députées Nancy Arendt et Françoise Hetto-Gaasch concernant « information sur l'euthanasie »**

De Gesondheetsministère, zesumme mam Familljeministère, huet dat lescht Joër d'Brochure "*Ma volonté en fin de vie*" erausginn déi d'Bierger an d'Patienten iwwert di verschidden Optiounen forméiert déi si kënnen um Liewensenn an Usproch huelen an deemno och méi präzis wat d'Méiglechkeet vun enger aktiver Stierfhëllef ubelaangt.

Dee wichtegsten Deel vun der Brochüre maachen deemno dann och déi zwee verschidde Formulairen aus, iwwert d'Patienteverfügung an iwwert d'Dispositiounen déi ee wëll fir d'Enn vu sengem Liewen treffen.

Dës Formulairen sollen de Bierger konkret hëllefen, hire Wëllen an hir Décisiounen ze dokumentéieren.

Dës Broschüre, déi sech och un de Gesondheetssecteur adresséiert, ass op véier Sproochen verfaasst, a suergt fir eng detailléiert Informatioun vun de Bierger a Patienten.

Wat d'Fro vun den éierewäerten Deputéiert concernéiert iwwer eventuell Schwieregkeeten vu Patienten wat hire Wonsch no aktiver Stierfhëllef ubelaangt, do verweisen ech op di ausféierlech Äntwert vum Gesondheetsminister op d'parlamentaresch Ufro n° 1479.

137 000001 20040525 FR

Villa Louvigny
Allée Marconi
L-2120 Luxembourg

Tél.: (352) 478-1
Fax: (352) 46 79 63

Adresse postale
L-2935 Luxembourg

e-mail:
ministere-sante@ms.etat.lu